# Scheckiwwerreechung am Pompjeesmusée

## De fréiere Kantonalverband Reiden spent e Scheck am Wäert vun 7 500 Euro




**Wolz.** Enn November huet sech eng Delegatioun vun der Amicale vun de Pompjeeë vum fréiere Kantonalverband Reiden op de Wee op Wolz gemaach fir de Pompjeesmusée ze besichen, an dëst aus engem erfreeleche Grond.

Duerch den Ëmstand, dass d'Amicale aus dem fréiere Kantonalverband Reiden sech aus Mangel un Interessi opgeléist huet, huet de Gerant vum Pompjeesmusée (Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz) e Scheck am Wäert vun 7 500 Euro an Empfang konnten huelen a kruten och hire Pompjeessprangcamion iwwerschriwwen. Dee kann ab 2022 fir Fester am Musée reservéiert ginn. De Patrick Juncker ass a senger Ried op d'Entstehung vum Musée agaangen, dobäi huet hien d'Wichtegkeet vu Spenden ervirgehuewen, déi et dem Musée erméiglechen seng lafend Käschten ze decken a verschidde Restauratiounen un alem Material duerchzeféieren.

No der Scheckiwwerreechung huet d'Amicale vun de Pompjeeë vum Kanton Réiden nach op e gemeinsamt Owendiessen am Hotel des Tanneries agelueden, wou den Owend a gemittlecher Ronn ausklénge gelooss gi ass.

*Patrick Juncker*
*via mywort*